

Klimakris, Engagement, Walen, a villes méi. Jonker schwätze mat!

move.

déi Jonk am Mouvement Écologique

Aluedung zu engem Diskussionsowend ënner Jonken



Dënschdes, den 11. Abrëll 2023

am Gudde Wëllen

18.00 - 22.00



gratis Entrée
keng Umeldung

move.meco.lu
move@oeko.lu

Et ass Superwaljoer, d'Partei maachen sech prett fir de Walkampf, d'Bierger:innen zu Lëtzebuerg loossen sech duerch d'Programmer an Optrëtter vun de Politiker:innen informéieren an iwwerleeën, wéi eng Partei / Politiker:innen hiren Iwwerzeegungen am nooste steet. Ma net nëmmen déi erwuesse Leit, mee och vill Jonker, esouwuel där déi scho stëmmberechtegt si ma och där, déi nach net dierfe wíele goen, maachen sech Gedanken ëm hir Zukunft a wéille matschwätzen.

Wéi vill Verännerung
kënnen d'Wale
bréngen an hu mir
Jonker iwwerhaapt en
Afloss dorop?

Wat fir
Theme sinn
eis wichteg?

Wéi kënnen mir an
dëser komplexer
Welt mat ëmmer
neie Krisen ee
klore Kapp behalen?

A wéi kënnen Jonker,
déi nach net wíele kënnen,
hier Stëmm awer an der
Diskussioun abréngen?

Iwwert dës an nach vill aner Froe wéille mir den Owend zesummen diskutéieren. Mir vu move., déi Jonk am Mouvement Ecologique, setzen eis dann dofir an, dass eis gemeinsam beschwatzen Iddie Gehéier fannen.

Komm laanscht a so deng Meenung. Tausch dech mat anere Jonken an e puer "alen Huesen" zu genau deenen Themen aus, déi dech beschäftegen. Dëst an enger relaxer Diskussiounsrönn mat lessen a Gedréns.

Als klengen Input fir eisen Austausch huelen och Leit drun deel, déi scho säit e puer Walen duerfir engagéieren, fir dass Zukunftsthemen opgegraff ginn. Wéi eng Erfarungen hunn si gemaach? Firwat „gi sie sech net“? Mir wéllen dat aus verschiddene Bléckwénkele kucken, deem vun engem aktive Politiker an awer och aus der Siicht vun enger zivilgesellschaftlecher Organisatioun.

Mat dobäi sinn:



de Claude Turmes,
Minister fir Energie
a Landesplanung a
fréieren
Europadeputéierten



d'Blanche Weber,
Presidentin vum
Mouvement
Ecologique.